PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Zënter Jore sinn op der Collectrice zu Péiteng reegelméisseg Bauaarbechten. Jorelaang waren et Aarbechte vum SIACH un engem Reewaasserbaseng , déi dëse Schantjen néideg gemaach hunn, zum Leed vun den Automobilisten.

Ech hat zu deene Schantje parlamentaresch Froe gestallt (n°586, 2862), well d'Signalisatioun op deem Streckendeel immens schlecht war. Esou hunn sech bei der Markéierung vun der Fuerbunn di giel Linnen mat der wäisser Stroossemarkéierung vermëscht, wat virun allem an der Nuecht zu Visibilitéitsproblemer gefouert huet.

Dëst Joer ass erëm ee Schantjen op dësem Stroossendeel vun der Collectrice opgaangen a vill Leit beschwéieren sech erëm iwwert déi selwecht Problematik. De Schantje schéngt awer elo zënter engem gudde Mount fäerdeg ze sinn, trotzdeem steet d'Stroossemarkéierung nach ëmmer, zum Ongléck vun den Automobilisten op der Plaz.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Schantjen op dësem Streckendeel fäerdeg?
    - Falls jo, zënter wéini a firwat stinn an deem Fall nach ëmmer d'Pottoen an déi giel Stroossemarkéierung ?
    - Falls nee, wéini ass e fäerdeg?

2. Handelt et sech ëm de selwechte Schantjen vum Waasserbaseng, deen de Minister a senger Äntwert vu virun 3 Joren erwäänt hat?

3. Ass d'Verwaltung nach ëmmer der Meenung, dass de Schantje gutt siichtbar fir d'Automobilisten ass? Hätt ee wierklech näischt kënne besser maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten